# Budgetsried – Budget 2022

Pierre Gramegna, 13.10.2021

# „Eise Wee eraus aus der Krise.“

## **Seul le discours prononcé fait foi**

## Struktur vun der Ried

**ALEEDEND WIEDER ... 3**

**I. D'RELANCE AKTIV ENNERSTËTZEN ... 21**

- D'Pandemie weider am Grëff haalen ... 21
- D'Economie weider ënnerstëtzen ... 23

**II. EISE WEE WEIDER GOEN ... 27**

II.A. Investissementer héich haalen ... 27
II.B. Klimawandel bekämpfen ... 29
*i. Ëffentlech Investissementer am Sënn vun der Nohaltegkeet ... 30*
*ii. Klima & Energie ... 31*
*iii. Mobilitéit ... 32*
II.C. Abordabelen Wunnraum erméiglechen ... 34
II.D. Weider an d'Bildung investéieren ... 36
II.E. Digitaliséierung acceleréieren ... 37
II.F. D'Roll vu Lëtzebuerg an der Welt stäerken ... 41

**III. D'ZUELEN VUM BUDGET 2022 ... 45**

III.A. Haaptagregater ... 45
*i. Dépensen ... 46*
*iv. Recetten ... 49*
III.B. Solde vun der Administration centrale ... 52
III.C. Solde vun der Administration publique ... 55
*i. Administrations locales / Gemengen ... 55*
***ii.** Sécurité Sociale ... 55*

*iii. Administration publique*......56

**IV. DE BUDGET LAUT DEM COMPTABILITÉITS-GESETZ......59**

**V. STAATSSCHOLD......60**

**CONCLUSIOUN......64**

**Aleedend Wieder**

Här President,

Léif Regierungskollegen,

Dir Dammen an Dir Hären,

Et **fillt sech gutt un** erëm hei an der Chamber um **Krautmaart ze stoen**. Dëst weist datt d'Liewen hei zu Lëtzebuerg sech **normaliséiert.** Eng Normaliséierung, **déi sech och an de Budgetszuelen weist**, déi ech Haut presentéieren.

Dëst ass also den richtegen Moment fir den Bléck ze schäerfen fir dat wat no dëser Pandemie kënnt. Fir weider no vir ze kucken. Fir weider **eise gemeinsame Wee** ze goen, deen de Premier gëschter skizzéiert huet.

Den **Deckel vum Budget 2022 spigelt genau dëst erëm**. Wat gesäit een ?

**E Wäibierg, eng rout Linn, e bloen Himmel**.

De Wäibierg steet fir **d'Nohaltegkeet an de Klimaschutz**, de **rouden Fuedem** fir **déi staark sozial Komponent**, déi sech duerch de ganze Budget zitt, de **bloen Himmel fir déi gutt finanziell Perspektiven**.

**1) De bloen Himmel**

Den Himmel **ass blo a fräi** vun deenen méi **däischteren Wolleken déi nach iwwert ons houngen**, wéi ech d'lescht Joer den Budget fir 2021 presentéiert hunn.


Zejoert ass den PIB an der Euro-Zone **ëm -6,5% gefall** - méi also wéi während der grousser Finanzkris vun 2008. Fir d'Joer 2021 gesait een eng staark **Reprise en "V" an der Euro-Zone**, mat enger Croissance vun **+5%.**

Dëst confirméiert dat wat ech schonn öfters gesot hunn, datt **d'Corona-Pandemie net alleng duerch hir Déift erausstécht**, mee och duerch **d'Rapiditéit** mat där se komm ass. D'Bild wat mir hei hunn weist datt et **keng strukturell Kris ass**, mä eng **exogen** a **punktuell** Kris, déi **erëm verschwënnt**, soubal de Virus aus eisem Alldag verschwonnen ass.

Et gesäit een Haut och datt Lëtzebuerg **nët nëmmen besser duerch d'Kris komm ass wéi aner Länner an der Eurozone**, mee sech och däitlech besser geschloen huet wéi een **dat um Pic vun der Kris nach fäerte konnt**.


Sou hat de STATEC Uganks mat engem, fir lëtzebuerger Verhältnisser **aussergewéinlechen Réckgang vun -6%** vum PIB fir 2020 gerechent, mee **deen ass manner staark komm**.

De PIB, d.h. onse Räichtum, ass 2020 **just em -1,8% zeréckgaangen**. Fir 2021 **gesäit** een e **staarken Wuesstum vun +6%.** Lëtzebuerg huet dann och schonn Ufank 2021 **den PIB-Niveau** vun virun der **Kris erëm fonnt**. Fir d'Euro-Zone wäert dat méi spéit de Fall sinn. (Grafik 1)




Fir 2022 wäert den PIB vun der Eurozone **ëm +4,8% klammen**. Deen vu Lëtzebuerg **ëm +3,5%**. Bei **ronn 3% Wuesstem** soll en sech dann och iwwert déi nächsten Joren **apendelen**: och hei steet een **erëm op gewinntem Terrain.**

Weider confirméiert déi gutt Entwécklung beim Chômage de Constat, datt **d'Normaliséierung do ass**. Matt **5,5% beim *Taux de Chômage*** hunn mir elo am August erëm bal den Wäert vun virun der Kris erreecht. (Grafik 2)




**All dëst spigelt sech och positiv an eise Staatsfinanzen erëm. Si stinn Haut besser** do wéi d'Previsiounen vum leschten Joer ugeholl haten. Dat ass eng gutt Nouvelle.

Schonn am Abrëll, bei der Presentatioun vum *Programme de Stabilité et de Croissance,* hat ech e méi optimisteschen Szenario skizzéiert. Deen huet sech **iwwert déi lescht Méint méi wéi confirméiert.**

D'Staatsfinanzen stinn besser do, well **d'Regierung konsequent an richteg gehandelt huet.** Säit dem Ufank vun dëser Pandemie, ass alles an Beweegung gesat ginn, fir **d'Gesondheet vun den Leit ze garantéieren**, **d'Ekonomie ze stabiliséieren**, d'Aarbechtsplazen ze schützen, an d'Kafkraaft vun de Leit z'erhalen.

Dat waren **d'Prémissen déi ze erfëllen woren** fir aus der Kris eraus d'Land **weiderhin op d'Zukunft ze preparéieren**. Dëst gesinn déi **international Experten** och esou. Den **Internationale Währungsfong (IWF)** zum Beispill, huet der Regierung fir hier Gestioun vun der COVID–Kris **ausdrécklech félicitéiert**.

Et ass awer och en Fait, datt **d'Wëssenschaft an den Fortschrëtt** ons den **Wee eraus gewisen** hunn.

Virun genau engem Joer - beim Dépôt vum Budget 2021 - konnt nach keen vun eis hei wëssen, datt mir an **enger Rekordzäit en Impfstoff parat** hätten. D'**Wëssenschaft** huet Liewen gerett an ons Gesondheet geschützt. Se huet ons e **wichtegt Stéck Fräiheet** erëmginn. An domatten och ons **Wirtschaft** erëm op den **Wee vun der Normaliséierung** bruecht.

E groussen **Undeel** dorunner huet d'**Finanzplaz**, well si an de leschte Joren konsequent op **Transparenz** gesat huet, an déi néideg Investissementer am Beräich vun **der Fintech an der Digitalisatioun gemaach huet**.

**Op där Basis** – an net zulescht dank der **exzellenter Infrastruktur** zu Lëtzebuerg – konnt si sech **séier op den Télétravail ëmstellen** an huet sech **weider gutt entwéckelt. Dëst trotz der Krise.**

Ons **Fongenindustrie brécht weider all Rekorder.** Haut sinn iwwert **5.600 Milliarden Euro** hei domiciliéiert. Lëtzebuerg ass a bleift domatten **d'Nummer eent an Europa**. D'Nummer zwee an der Welt, direkt no den USA. Och am Beräich nohalteg Fongen ass onst Land mat **370 Milliarden Euro op éischter Plaz**. Déi nohalteg Avoire hunn d'lescht Joer **ganzer 117% bäigeluegt**. Den Private Banking **ass fir dat eelefte Joer um Stéck gewuess**. **508 Milliarden Euro ginn hei verwalt**, datt ass eng Croissance **vu 9% par rapport zum Joer 2020**. Fir d'**Assurancen** wor dat éischt Joer vun der **Pandemie méi schwiereg**, mee den Secteur huet sech erëm **am éischten Trimester 2021** erholl an huet **2019 grousse Wuesstum gehat am Kontext vum Brexit.**

Duerch des gutt Entwécklung konnten op der Finanzplaz och weider **Aarbechtsplaze geschaf ginn**. Haut schaffen ronn **53.000 Leit am Finanzsecteur, iwwer 1000 Leit méi wéi 2019.**

D'Finanzplaz dréit bal en **1/3 vun eisem PIB bäi**, an huet dofir een groussen Undeel dorunner, datt onst Land vill méi séier wéi déi aner Länner aus dëser Kris erauskomm ass.

Ma och déi massiv **budgetär Mëttel**, déi mir mobiliséiere konnten, hunn gehollef d'Land besser duerch d'Kris ze bréngen. Iwwer **2,6 Milliarden Euro** sinn bis ewell ausbezuelt ginn. Esou eng konsequent

Ënnerstëtzung wor awer nëmmen duerch déi **exzellent Ausgangspositioun bei de Staatsfinanzen** virun der Kris méiglech.


Säit **2013 ass et gelongen**, d'Staatsfinanzen **nohalteg ze sanéieren**. 2018 hate mir, fir d'éischt no **10 Joer, souguer een Iwwerschoss am Zentralstaat.** A genau well mer sou gesond Finanzen haten virun der Kris, wor de Spillraum **do, fir déi generéis Hëllefen ze ginn**.

Vergiessen därf een awer hei net, datt duerch all déi Efforten déi gemaach goufen, **den Defizit esou héich ginn ass**. An ech soen iech, mir wäerten och nach e puer **Joer weider een Defizit hunn**. An zwar, well mer an dëser **Situatioun d'Investissiounen héich halen**, - 2022 wäerte se **bei bal 3,2 Milliarden Euro leien**, an bis **2025** bis op **3,6 Milliarde eropgoen -** grad fir d'Wirtschaft weider ze ennerstëtzen, a nohalteg gestäerkt aus der Kris eraus ze kommen.

Mir kënnen eis **deen Defizit leeschten**. An dëst aus dräi Grënn:

- Lëtzebuerg ass dat Land an der Eurozone, **deem seng Staatsschold am wéinegsten eropgaang ass an der Kris. 3,5 Prozentpunkten géint 16,6 Prozentpunkten am Duerchschnëtt an der Euro-Zone.**

Domatter zielen mir emmer nach zu deene Länner, déi **déi nidderegst Schold an der Eurozone hunn**. (Grafik 3)




Si wärt sech an den nächste Joren **ronderem 27% vum PIB** stabiliséieren, d.h. ennert där ambitiéiser Limit vun **30% déi** mir eis selwer ginn hunn.

Dëst ass och wäit ennert den **60%, déi déi europäesch Reegele virgesinn**.

- Zweetens, an dat hänkt dat mam **éischte Punkt** zesummen: mir kruten, och **an der Kris, eisen AAA vun allen Rating-Agence bestätegt**. Lëtzebuerg kann sech domatter och weider op de

**Marchéen zu ganz nidderegen**, a souguer **negativen Zënsen refinanzéieren**.

- Drettens gesinn mir, dass d'Efforten hir Friichten droen, dass de **wirtschaftleche Motor erëm leeft,** dass den **PIB schonn erëm den Niveau vu virun der Kris** erreecht huet, dass d'**Recetten sech normaliséieren,** a mer domatter d'**Staatsfinanzen um Niveau vum Gesamtstaat scho 2022 erëm ganz no um Equiliber wäerten hunn.**

Beschte Beweis dofir ass, datt mir am **Joer 2022 erem de Pacte de Stabilité et de Croissance vun der EU anhalen**. Och wäerten mir **2022 den *objectif à moyen terme* oder OMT** respektéieren, obwuel de Stabilitéitspakt **eréischt 2023** aus sengem **Wanterschlof soll erwächt ginn**.

Dir verstitt also **firwat ech vun engem Himmel fräi vun däischteren Wolleken schwätzen,** wann ech mir **ons Staatsfinanzen ukucken.**

Trotzdem musse mer **virsiichteg** bleiwen. **Ech wäert duerno nach op dee Punkt zréckkommen.**

## 2. De Wäibierg

Ech sot den Wäibierg op der Couverture vum Budgetsprojet steet **fir d'Nohaltegkeet an de Klima.**

D'Riewen hunn **d'Dréchent net gäer**, se hunn net gäer wann et **zevill reent**, se hunn an sech och guer net gäer wann d'Wieder, also den **Klima zevill onbestänneg an extrem ass**. D'Riewen sinn an sech **e gudden Barometer vum Klimawandel**.

D'Iwwerschwemmungen déi mir den 14.-15. Juli zu Lëtzebuerg erlieft hunn, weisen datt d'Konsequenzen vum globalen **Klimawandel scho längst hei zu Lëtzebuerg ukomm sinn.** Och hei huet d'Regierung direkt gehandelt, an eng Enveloppe **vun 100 Milliounen Euro gouf séier deblockéiert**.

Et ass keng **abstrakt Gefor méi**, déi mir just aus der Télé géifen kennen. Déi **massiv Nidderschléi hunn eis rappeléiert**, datt den Kampf géint de Klimawandel an allem wat **mir maachen ons begleeden muss**. Soss riskéieren eis **Drauwen futti ze sinn, éiert mer den Wäin drénken** kënnen.

Den Wäin ass hei just eng Illustratioun. Déi **eigentlech Erausfuerderung** geet natierlech wäit iwwer dat Beispill eraus. **Et geet** hei carrément em **Existenzen déi um Spill stinn**. **Ganz Wirtschaftszweiger** an d'Liewen **vu Millioune Mënsche** weltwäit sinn **bedroht** duerch **de Klimawandel, fir net ze soen d'Klimakris.** Mir mussen also déi klimapolitesch Kéier huelen, net nëmme fir eist Land, mä am **Intérêt vum ganze Planéit**.

An hei gesinn mir jo och kloer **Parallelen mat der Pandemie**. D'Weltgemeinschaft muss mat der selwechter Determinatioun géint den Klimawandel vir goen **ewéi elo géint d'Pandemie**.

Een wichtegt **Instrument** huet se sech jo ginn mam Accord de Paris. Sou wéi ech dat d'lescht Woch nach zu Paräis bei der **Ministérielle vun der OECD gesot hunn**, wou d'Amerikaner d'Présidence an Lëtzebuerg d'Vizeprésidence hat, ass et ee positiivt Zeechen, dass **d'USA erëm zréck** sinn an der gemeinsamer Bekämpfung vum Klimawandel.

Lëtzebuerg verstoppt sech net hannert deenen anere Länner, mä hellt seng Responsabilitéiten. Am Kader vun der Regierung hirer **neier internationaler Klimafinanzéierungsstrategie** sinn bis 2025, **200 Milliounen Euro virgesinn fir de Klimawandel international ze bekämpfen.** Domatten sinn mer mat Schweden dat Land wat pro Kap **am meeschten global an den Kampf géint den Klimawandel investéiert.**

Op onsem Wee fir eng **méi nohalteg** an **klimafrëndlech** Entwécklung féiert kee Wee laanscht d'**Digitaliséierung**. Och hei **gëtt mam Budget 2022** nach eemol eng **Schëpp bäi geluecht, fir d'Efforten vun de läschte Joren weider ze acceleréieren.**

Fir eis Gesellschaft méi nohalteg an domatten nach **méi fit fir d'Zukunft ze maachen**, ass et wichteg, jidderee mat op de Wee ze huelen. Dofir huet de Budget 2022, sou wéi virdrun, och dëst Joer eng **staark sozial Komponent. Dëst bréngt mech zum nächsten Punkt.**

## 3) De Roude Fuedem : eng staark sozial Komponent

Eng nohalteg Entwecklung ass **nëmmen komplett**, wann och den **sozialen Volet mat ofgeséchert** ass.

**Ronn 47%, bal d'Halschent** vun den Dépensen am Budget 2022 sinn fir d'**Sozialtransferten virgesinn.** Domatten stäerken mir **d'Solidaritéit an den Zesummenhalt an onser Gesellschaft**. Ech denken hei un **d'Ré-Indexéierung vum Kannergeld** vum 1ten Oktober 2021 un. Dës Mesure kënnt virun allem den **sozial-schwaachsten an onserer Gesellschaft ze gutt**.

D'Dotation fir d'***Caisse pour l'avenir des enfants*** gëtt **dofir all Joer gehéijt**. Fir 2022 sinn hei ronn **1,3 Milliarden Euro** virgesinn.

Fir **d'Augmentation vum REVIS vun 2,8%,** mee och d'Erhéijung vun **200 Euro vun der Allocation de vie chère** ze finanzéieren ginn ***d'Créditer vum Fonds national de Solidarité*** fir d'Joer **2022 op 367 Milliounen Euro** erop.

Dat beschte Mëttel géint **Aarmut ass eng fest a geregelt Aarbecht.** Dofir ass d'Aide fir d'Astellen vun eeleren Chômeuren an d'Indemnité compensatoire fir reclasseiert Salariéen wichteg. Fir dës Aiden weider ze finanzéieren ginn am ***Fonds pour l'emploi*** d'Dépensen weider erop.

Mam Budget 2022 gëtt och d'Reintégratioun an **d'Aarbeschtsliewen** weider ënnerstëtzt, duerch **d'Verlängerung em 2 Joer vun der Steierbonificatioun am Fall** vum Astellen **vun Chômeuren**.

D'Fro vum Logement **ass och eng sozial Fro**. De Premier huet gëschter déi sëllech Mesuren detailléiert, déi geholl ginn, fir dëse Problem ze meeschteren. Och am Budget ginn fir de Logement konsequent Mëttelen mobiliséiert, **fir abordabele Wunnraum ze schafen**. Dorop ginn ech nach méi konkret am **zweeten Deel vun menger Ried** an.

Dir Dammen an Dir Hären,

Ech sinn een **éiwegen Optimist. Dir wësst dat**. Ech sinn awer och Realist an virsiichteg beim Opstellen vum Budget. Als Finanzminister hunn ech d'Verantwortung fir déi finanziell **Stabilitéit vun dësem Land, déi wäit iwwer dat nächst Joer erausgeet.**

Och wann d'Reprise an de meeschten groussen Économien am Gaangen ass, bleift se **ongläichméisseg op der Welt verdeelt, an d'Previsiounen bleiwen mëttelfristeg onsécher**:

- Dëst huet vill matt den den Problemer am Beraich vun Engpäss bei den Matières premières a **Schwieregkeeten an der globaler *châine de production* ze dinn.**
- Op internationalem Plang stinn mir donieft virun **groussen Changementer wat d'international Steierlandschaft ugeet.**
- Och d'Inflatioun, déi mer jorelaang net méi kannt hunn, an déi mer **lo duerch déi steigend Energiepräisser erëm ze spieren kréien**, bréngt nei Onsécherheeten mat sech.

Mir wäerten also iwwer déi nächsten Méint an Joren ons Budgetspolitik **weider richteg doséieren mussen, an virsiichteg bleiwen.**

Ech verstinn déi Leit, déi enttäuscht sinn, wann ech soen, **dass elo nach net de Moment ass fir Steiererliichterungen**. Ech froen awer och **em Versteesdemech**, dass et zu dësem Zäitpunkt einfach net verantwortlech wär, grouss Changementer a steierlech Upassungen ze maachen, déi **Auswierkungen iwwer déi nächst Joren hunn**, wa schonn alleng op déi nächst Méint mer nach sou **grouss Onsécherheeten** hunn, wéi dat am Moment leider nach de Fall ass. An engems well ech och dei gutt Noriicht ënnersträichen, dass mer **keng nei Steieren aféieren mussen**, well mer aus der **eegener Kraaft vum Wuesstum** deen mer elo hunn, wäerten aus dem Defizit am Zentralstaat erauskommen.

Ech well och drop hiweisen, **dass d'Steierpolitik net alles maache kann - oder sollt**. Dofir sinn an dësem Budget z.B. **eng ganz Rei Verbesserungen am soziale Beräich virgesinn**, fir deene Leit, déi et am meeschte brauchen, **ënner d'Äerm ze gräifen**.

Mir wäerten déi nächst Méint och op **steierlechem Plang** net **ongenotzt versträiche loossen**. Ech wäert demnächst een ëmfaassende Projet fir **d'Moderniséierung an d'Digitaliséierung vun der Steierverwaltung** virstellen, deen dozou bäidroe wäert, dass d'Verwaltung méi effizient wäert ginn, mä och **zukënfteg Reformen** - sou wéi déi vun **der Grondsteier**, déi de Staatsminister gëschter virgestallt huet - méi einfach an der Praxis ëmsetzen kann.

Ech well och nach emol drun **erënneren**, dass et net sou ass, wéi wann op **steierlechem Gebitt näischt geschitt wier déi lescht Joren**.

2017 hat d'Regierung Bettel I déi **sozialsten Steierreform an der Geschicht vun dësem Land** ëmgesat. Et wor eng gezielten Steierreform dei **d'Land sech zu deem Moment leeschten konnt**. D'Steierreform vun 2017 huet d'Stéit an d'Entreprisen entlaascht, an ons **Wirtschaft generell méi attraktiv gemaach**.

D'lescht Joer hunn mir un **enger Rei Schrauwen gedréint**, an **22 Steiermesuren** fir méi Gerechtegkeet an Nohaltegkeet agefouert. Et wär verfréit, elo schonn erëm un **des Schrauwen dréien ze goen**, éiert ee mol richteg moosse konnt, wéi een Impakt des Changementer bis ewell haten. **Lëtzebuerg ass ee Land, dat fir Zouverlässegkeet a Previsibilitéit steet. Net fir hekteschen Aktivismus. Dat soll och an Zukunft sou bleiwen**.

Här Präsident,

Dir Dammen an dir Hären,

**Mam Budget 2022 wäerten mir** de Wuesstum weider proaktiv ënnerstëtzen, d'Jaloen setzen fir den Impakt vun der Kris ofzefiederen, an sou gutt et geet **Prévisibilitéit garantéieren**. Dëst schaaft Vertraue bei de Leit, Vertrauen an ons Wirtschaft, a Vertrauen an onst Land.

Meng **Presentatioun huet 5 grouss Deeler**:

Ier ech méi an den Detail vum Budget eraginn, well ech fir d'éischt kuerz drop zréckkommen, wéi **Lëtzebuerg de Virus weider am Grëff hält** (1).

Duerno wäert ech ganz am Detail op **eenzel Prioritéiten vum Budget 2022 agoen**, an wéi dës d'Land weider op d'Zukunft virbereeden. (2).

Als drëtte Punkt wäert ech dann **d'Haaptagregater vum Budget presentéieren** (3).

Ech wäert dann och nach kuerz op d'Zuelen no de Regelen vun der Lëtzebuerger Comptabilitéit agoen (4) an dann meng Ried ofschléissen mat **der Staatsschold** (5).

*Ech kommen dann elo kuerz zu deem wat nach ënnerholl gëtt fir d'Kris am Grëff ze behalen an wat parallel gemaach gëtt fir d'Wirtschaft um Wee zu senger Erhuelung weider ze ënnerstëtzen. Dat 1. Kapitel also: "D'Relance aktiv ennerstëtzen".*

## I. D'Relance aktiv ennerstëtzen

Fir elo aus der Krise erauszekommen musse mer, all **zesummen, dofir suergen de Virus weider am Grëff ze halen**, d'Economie weider ënnerstëtzen, an d'Zait no der Kris konsequent virbereeden.

### - D'Pandemie weider am Grëff haalen

De Premier Minister ass gëschter jo schonn an senger Ried zum Etat de la Nation ganz am Détail drop agaangen, wéi onst **Land saïn eegene Wee an dëser Pandemie gaangen ass**. Ech wëll dofir hei just op e puer Punkten agoen déi mir als **Finanzminister besonnesch wichteg schéngen**.

Den Large-Scale Testing, ass **déi beschten Illustratioun vun dësem Lëtzebuerger Wee.** Dëst Instrument huet et ons erlaabt den Traçage ze meeschteren an eng intelligent an équilibréiert Approche wat

**d'Restriktiounen ugeet** ze huelen. Dës Campagne huet ons **126 Milliounen** kascht, an dat woren **gutt investéiert Suen**.

Ons **Impfquote läit de Moment bei bal 75%.** Iwwer déi nächsten Wochen ass et wichteg déi weider ze **steigeren.** Dofir ginn och déi néideg Moyennen am Budget mobiliséiert: Am Ganzen huet ons de **Kaf vun Impfstoffer bis elo 16 Milliounen Euro kascht**. Fir 2022 hunn mir **40 Milliounen Euro** fir den Kaf vun weideren Dosen virgesinn. Domatten finanzéieren mir och eng méiglech **drëtt Impfung**. Dëst ass net nëmmen **wichteg fir d'Gesondheet, mee och en Zeechen vun Solidaritéit**.

Ons d'Land huet och international Asaz gewisen: Iwwert den **COVAX Programm** goufen bis dato **400.000 Dosen** an aner Länner geschéckt fir déi international Impfkampagne weiderzedreiwen. **56.000 Dosen** huet Lëtzebuerg un den **Cap Vert ausserhalb vum COVAX Schema** gespent.

Domat dréit onst Land en wichtegen Bäitrag zur Bekämpfung vun der **Pandemie op globalem Niveau bäi**. Andeems mir hei **Asaz weisen an d'Pandemie global bekämpfen**, hëllefen mir **ons och selwer**.  Nëmmen wann dee gréissten Deel vun der Populatioun geimpft ass, souwuel heiheem wéi och weltwäit, kënne mir **des Pandemie ganz hannert eis loossen.**

**- D’Economie weider ënnerstëtzen**

Dës Regierung huet zu all Moment ouni ze zécken all déi néideg **Mesuren geholl fir d’Wirtschaft ze ënnerstëtzen** an **domadder d’Reprise ze preparéieren**. Ech denken hei notamment un:

- D’Ausdeenung vum **speziellen Régime vum Chômage Partiel am Kader vun der Pandemie**, deen nach bis Enn **Juni 2021 gelaf ass**.

  Ech kann et net oft genuch soen, an et gëtt och vun der **EU mee och der OECD a villen Economisten ëmmer nees ënnerstrach**, dat de Chômage Partiel eng Moossnam wor, **déi den Salariéen an hiren Familljen d’Existenz geséchert huet**. Andeems se awer och den Betriber gutt ënnert d‘Äerm gegraff huet, huet déi Mesure onser ganzer Wirtschaft iwwert déi ganz Periode vun der Pandemie, déi néideg Kontinuitéit garantéiert **fir erëm do weider ze maachen wou se virun der Pandemie stoen bliwwen wor.**

  Bis Enn Juni 2021 goufen iwwert déi ganz Period vun der Kris bal Brutto **1,175 Milliarden Euro déboursèiert**. Netto woren dat da ronn **791 Milliounen Euro**, well mer souguer am Ufank vun der Pandemie den **Chômage Partiel** am viraus ausbezuelt hunn, an eng Partie vun dësen Suen schonn erëm kruten.

Och de *Congé pour raisons familiales* woren eng grouss Dépense: **2020 hunn d'Ausgaben hei bei 238 Millioune geleeën**. Fir 2021 ëmmerhin nach bei **40 Milliounen Euro**.

Fir 2022, sinn bis ewell keng konkret Mesuren firgesinn, mee trotzdem hu **mir provisoresch e Montants vun 71 Millioune Euro** aberechent fir weider Suite vun der Kris ofzefiederen. Dat ass eng Kéier fir d Dépensen am Kontext vum Krise-Management, Vaccinen an fir de Chômage partiel.

Dat ass wichteg fir de Retour zur Normalitéit weider ze garantéieren. An ech well hei en Punkt machen: **Wann jiddfereen vun ons sech impfen léisst, kënnen mir ons en groussen Deel vun dësen Suen spueren.**

*Oder anescht gesot : wa mer bis all geimpft sinn, kréie mer doduerjer quasi automatesch méi Spillraum am Budget.*

- Eng ganz Rei vun den **Direkt-Aiden** an och ***Aides remboursables*** goufen nach bis an **dëst Joer eran verlängert**.

  Ech denken hei als éischt un d' Aiden déi ënnert dem ***Fonds de Relance et de Solidarité*** finanzéiert goufen. Och ***d'Aides fir sougenannten coûts non couverts*** sinn agefouert ginn fir besonnesch d'Betrieber aus dem HORESCA Secteur, dem Tourismus an, dem Evenementiel ze ënnerstëtzen.

  Bis elo goufen doduerch ronn **530 Milliounen Euro iwwert Aiden an ons Entreprisen an Indépendanten investéiert fir hinnen duerch d'Kris ze hëllefen**.

- Nieft den **Moratoiren, déi d'Banken accordéiert hunn**, huet d'Garantië-Gesetz, de Banken erlaabt zousätzlech Prêten ze accordéieren, bei deenen de **Staat 85% vum Risiko dréit**, fir den Entreprisen besser duerch d'Krise ze hëllefen an d'Reprise virzebereeden. Um Héichpunkt goufen ronn **4,5 Milliarden Euro fir Moratoiren** accordéiert. **Garantéiert Prêten** an der **Héicht vun ronn 160 Milliounen Euro** goufen verginn**.** Bis Enn vun dësem Joer kënnen d'Entreprisen nach Prêten mat Staats-Garantie huelen ! Déi Prêten **laafen fir maximal 6 Joer.** Dëst hëlleft den Entreprisen déi Investissementer ze maachen, déi néideg sinn fir méi staark aus der Kris erauszekommen.

*Ech wäert elo op d'Prioritéiten vum Budget 2022 ze schwätzen kommen (II). Duerno wäert ech op d'Zuelen vum Budget agoen (III). Nodeems ech kuerz op de Budget laut dem Comptabilitéits-Gesetz agaangen sinn (IV), ginn ech zum Schluss dann op d'Schold an (V).*

## II. Eise Wee weider goen

D’Prioritéiten vun dësem Budget kann een mat dësen Wieder zesummen faassen: **Investissementer héich haalen, Klimawandel bekämpfen, abordabelen Wunnraum erméiglechen, an d'Bildung investéieren an d’Digitaliséierung acceleréieren.**

*Ech well elo op all eenzel Prioritéit am Détail agoen.*

### II.A. Investissementer héich haalen

E **Markenzeechen** vun dëser Regierung ass et **op héich Investissementer ze setzen**. Schon an der Period virun der Kris, **2014-2019**, louchen d'Investissementer **mat ronn 4% vum PIB** wäit méi héich wéi a **villen aneren EU-Länner**.

Hannert dësen abstrakten Zuelen **stinn konkret Infrastrukturen**, déi d'Land dréngend brauch, fir optimal d'Zukunft virzebereeden a **qualitativ ze wuessen.**

Et gesäit een Haut, datt et dës Politik war, déi et Lëtzebuerg erméiglecht huet **méi séier duerch des Kris ze kommen**.

Ech wëll nämlech hei nach eemol e wichtegen Punkt ënnersträichen: et wor **net trotz, mee eben grad wéinst der Kris,** datt mir iwwert déi leschten 2 Joer d'Investissementer op **engem héijen Niveau gehalen hunn**.

Obwuel deen Taux un Investissementer schonn virun der Kris héich war, an den Choix einfach gewiescht wier hei ze spueren, **hat d'Regierung décidéiert an der Kris nach eng Schëpp bäizeleeën,** fir d'Relance zousätzlech ze ënnerstëtzen.

*Wéi gesinn d'Investissementer am Budget 2022 aus? (Grafik 4)*



D’Investissementer fir d‘Joer 2022 an déi Zäit duerno ginn konsequent héich gehalen. **2022 leien se bei 3,2 Milliarden Euro, wat ongeféier 4,5% vum PIB entsprécht, an se klammen nach weider bis op 3,6 Milliarden Euro bis 2025.**

Domatten bereeden mir ons op d‘Zäit no der Pandemie vir, an dat virun allem fir déi **nohalteg an digital Transitioun virunzebréngen**.


*Wou ginn dës Suen dann konkret investéiert? Dëst bréngt mech dann och op déi nächsten Prioritéit vun dësem Budget: de Klimawandel bekämpfen.*

### II.B. Klimawandel bekämpfen

*De Premier huet et gëschter kloer gesot : de Klimawandel ass eng vun de groussen Erausfuerderungen vun eiser Zäit. De Budget 2022 geet dës Erausfuerderung un, iwwer 3 Axen : héich ëffentlech Investissementer am Intérêt vun der Natur a vum Klima; d ‘Ëmsetzen vum nationale Klimaplang;  weider Efforten fir eng méi nohalteg Mobilitéit.*

## i. Ëffentlech Investissementer am Sënn vun der Nohaltegkeet

D'Prioritéiten vum Budget spigelen sech och ganz kloer am Trend vun **den rengen Klima an Ëmwelt-Investissementer** erëm. Wéi gesinn déi fir d'Joer 2022 an déi Joren duerno aus? (Grafik 5)



Am Ganzen wäerten 2022 ronn **765 Milliounen Euro** Investissementer am Beräich Nohaltegkeet getätegt ginn. Si klammen dann weider iwwert déi nächsten Joren, **fir 2024 dann bal 975 Milliounen Euro ze erreechen**, bal dat Duebelt also vun 2019**.**

ii. <u>Klima & Energie</u>

Fir ons Klimaziler ze erreechen, gouf 2020 den **Nationalen Klima- an Energie-Plang (PNEC) ausgeschafft**. An dëse Plang gouf konsequent an den **Budget 2022 mat agebaut**.

D'Regierung ass engagéiert déi Ziler ëmzesetzen. Mir hunn ons dofir eng **ambitiéis Strategie bis 2030 ginn**, déi virgesäit :

- **D'CO2-Emissiounen em 55%** ze reduzéieren,
- Eng **Energieeffizienz vun 45%** ze erreechen, an
- Den Deel vun **erneierbaren Energien op 25%** ze erhéijen.

Fir dës 3 Ziler ze erreechen awer och z.B. d'Recherche do ronderëm ze finanzéieren, sinn **1,8 Milliarden Euro** un Dépensen am Kader vum PNEC fir d'Joer 2022 virgesinn.

2022 setzen mir dann och z.B. den Budget fir **d 'Konstruktioun vun Wandrieder weider erop op 17,8 Milliounen Euro**.

iii. Mobilitéit

Ee grousse Deel vun den nohaltegen Dépensen an Investissementer wäerten agesat ginn fir d'Mobilitéit **hei am Land**, mee **och iwwert d'Grenzen eraus**, nach méi propper, schnell an efficace, ze gestalten.

Iwwert déi nächsten Joren bauen mir ons d'Schinnennetz nach weider aus. Matt **2,5 Milliarden Euro** déi hei iwwert **d'Période 2020-2025** investéiert ginn, ass dëst och een vun den **ambitiéisten Infrastruktur-Investissementer déi onst Land realiséiert.**

Dëst spigelt sech kloer an den **Investissementer vum *Fonds du Rail*** erëm: déi ginn fir **2022 op ronn 300 Milliounen Euro budgétiséiert**. Fir déi ganz Période 2021-2025 ginn **1,5 Milliarden Euro** virgesinn.

Am Joer 2022, ginn domatten eng Rei Projeten finanzéiert:

- D'**Entwécklung vun den Plattformen V a VI an der Staater Gare matt 26,7 Milliounen Euro**.
- Den Ausbau vun der **Streck Lëtzebuerg-Beetebuerg mat 24,3 Milliounen** oder och **d'Mise en Conformité vun den Garen zu Miersch an Rodange matt 37,1 Milliounen Euro**.

  Domatten verbesseren mir och d'Ubannungen zu onsen Nopeglänner. Dëst ass och wichteg fir all déi, déi all **Dag op Lëtzebuerg schaffen** kommen.

Och beim **Tram gëtt weider investéiert.** Hei ginn d'nächst Joren d' Tramsschinnen **weider bis op d'Cloche d'Or an den Findel geluet**. Fir d'Period **2021-2025 wäerten fir dës Aarbechten 262 Milliounen Euro geplangt sinn**, vun deenen **55,5 Milliounen Euro** fir 2022 virgesi sinn.

Eng aner Prioritéit **muss d'Elektromobilitéit sinn**. Fir den Bau vun Bornen uechtert d'Land, sinn bis 2025 all Joer ronn **12,6 Milliounen Euro** virgesinn.

D'finanziell Primen fir douce Mobilitéit goufen dës Weideren bis den **31. Mäerz 2022** verlängert. Hei kann een beim **Kaf vun engem Vëlo oder Pedelec**, dee grad op kuerze Strecken eng Alternativ zum Auto ka sinn, bis zu **600 Euro** zeréck kréien.

**II.C. Abordabelen Wunnraum erméiglechen**

De Premier huet et gëschter schonn ënnerstrach : de Logement ass a bleift **eng Prioritéit vun dëser Regierung**. Mä mir mussen och realistesch bleiwen. Deier Terrainen a Wunnengen sinn kee reng lëtzebuerger Phänomen. A ganz Europa ginn **d'Präisser an d'Luucht**.

An **23 EU-Staaten sinn d'Wunnengspräisser stark eropgaangen iwwer d'Période 2010-2020**, an a verschiddener hunn se sech esouguer verduebelt. D'Präisdéierecht ass **besonnescht héich an den Haaptstied** an **groussen Stied.**

Een Deel vun der Erklärung sinn déi niddereg Zënsen an dat internationaalt wiertschaftlecht Ëmfeld. **Dorobber huet Lëtzebuerg keen Afloss.**

Et ginn awer och aner Facteuren, op déi mir een Afloss hunn, an do **setzt d'Regierung lo den Hiewel un**. De Premier huet déi Mesuren scho gëschter exposéiert, an ech kann haut nëmmen ënnersträichen, dass mir eis och **déi budgetär Mëttele ginn, fir déi Politik konsequent ëmzesetzen**.

2022 wäerten sech d'Enveloppe fir de **Wunnengsbauministere op e Gesamtmontant vun 260,4 Milliounen Euro belafen**.

Fir d’Offer vun abordabelem Wunnraum ze erhéijen, huet den Wunnengsbauministère sech säit dem 1ten Abrëll 2020, en speziellen Fong, den sougenannten ***“Fonds spécial de soutien au développement du Logement”*** ginn. Et ass hei wou **richteg opgestockt gëtt**.

Eleng fir d‘Konstruktiounen, déi iwwert dee Fong sollen finanzéiert ginn, leien d’Dépensen **2022 bei 228,2 Milliounen Euro, spréch +77% par rapport zu 2021.**

En weideren Pilier vun der Wunnbaupolitik fir déi nächsten Joren **ass den Pacte Logement 2.0**, deen elo am Summer gesetzlech festgehalen gouf, an mat deem **d’Gemengen dozou encouragéiert ginn fir eng méi abordabel Wunnengsoffer ze erméiglechen.**

De **Pacte Logement 2.0** gëtt duerch den Spezialfong fir d’Joer 2022 mat **27 Milliounen** Euro gespeist.

Dir gesitt also, mam Budget 2022 ginn d’Moyenen fir den Logement konsequent erhéicht.

### II.D. Weider an d'Bildung investéieren

Mam Budget 2022 gëtt och weider **konsequent an d'Zukunft vun onsen Kanner investéiert**. Aus dësem Grond ginn d'Ausgabe vum Bildundsministère op méi wéi **3,1 Milliarden Euro** fir d'Budgetsjoer **2022 erop**. Dat ass eng Progressioun vun **10% am Verglach mam Budget 2021**. Vun den ganzen Dépensen am Budget sinn dat **14,2%.**

D'Bildung vun onsen Kanner kann och nëmmen geléngen wann déi richteg **Infrastrukturen** gebaut ginn**.** Duerch den ***Fonds d'investissements publics scolaires*** **ginn mam Budget 2022 Aarbechten an méi wéi 15 Schoulen & Lycéen** uechtert Land finanzéiert**.**

**Ronn 1000 Posten** ginn fir den ganzen **Educatiounssecteur** mam Budget 2022 opgemaach**, fir weider d'Leit astellen ze kënnen déi mir fir d'Educatioun an den Schoulen an den Lycéeen brauchen.**

Eng besser **Betreiung vun onsen Kanner ronderëm d'Schoul** ass och eng Prioritéit vum Budget 2022. **Vun der nächster Rentrée un, gëtt esou d'Betreiung an den *Maisons Relais* wärend der ganzer Schoulperiod gratis. D'Iessen an den Kantinnen vun den Schoulen a Lycéeën gëtt fir eng méi breet Schicht vun Kanner gratis.** Ab der Rentrée 2022 ginn och d'Musikscoursen gratis.

D’Kris huet och gewisen wéi wichteg et ass fir Digital **Kompetenzen an d’Formatioun am Digitalen auszebauen**. Hei gëtt den **Budget 2022 déi néideg Mëttel**.

Nieft den **3 Milliounen Euro** déi virgesinn ginn fir weider Tabletten ze kaafen, ginn eng ganz Rei Projeten ënnerstëtzt fir **d’Formatioun professionelle mam Projet Diplom+ méi digital ze machen**. Formatiounen kënnen esou **à distance gemaach ginn**. D’Schafen vum **Digital Learning Hub** geet och an déi Richtung.

Dëst bréngt mech generell zum **Thema vun der Digitaliséierung**. Eng weider **Haaptprioritéit vun dësem Budget**.

### II.E. Digitaliséierung acceleréieren

Mam Budget 2022 gëtt d’Digitaliséierung vun onsem Land **weider acceleréiert.** D’Pandémie huet ons nach eemol **virun Aen gefouert**, wéi essentiell, **gutt an secher digital Infrastrukturen fir ons Gesellschaft** an ons Wirtschaft sinn.

D’**Efforten ginn hei konsequent eropgeschrauft**. Sou sinn fir d’Période 2021-2025 méi wéi **1,1 Milliarden Euro** an dësem Beraich virgesinn.

Dat sinn méi wéi **234 Milliounen fir d'Joer 2022**, also eng Hausse vun **19,6% säit dem Joer 2021**, an eng Hausse vun ronn **50% par rapport zum Joer 2020**.

Fir d'Digital Transformation beim Staat weider ze dreiwen ginn eng Rei Projeten finanzéiert. Am ganzen ass dat en Budget vun iwwert **50 Milliounen Euro** fir 2022.

Wat gëtt hei konkret gemaach? Matt **4 Schlëssel-Projeten wäerten** den Budget 2022 d'digital Infrastrukturen konsequent ausbauen a verbesseren :

- Ons **Kapazitéiten an der Cyberdéfense** stäerken. Dofir ginn fir d'Periode 2022-2025 all Joer em déi **20 Milliounen virgesinn**.
- D'**5G Infrastrukturen ginn weider ausgebaut**. Hei ginn all Joer iwwer **7,5 Milliounen Euro bis 2025 investéiert**.
- Em déi **8 Milliounen** ginn all Joers mobiliséiert fir déi national Connectivitéit, an d.h. **ultra-schnell Kommunikatiouns-Infrastrukturen ginn weider ausgebaut**.
- En 4. Projet Phare ass d'Opbauen vun enger **Quantum Communication Infrastruktur**: **domatten garantéieren mir eng ultra sécher Kommunikatiouns-Infrastruktur déi europawäit benotzt kann ginn.** Dës schützt ons virun Cyber-Attacken an positionéiert ons an enger vun den neisten Kommunikatiouns-

Technologien. Hei ginn vun **2022 bis 2025 ronn 5 Milliounen investéiert**.

**Als Finanzminister freeën** ech mech awer virun allem iwwert Projeten an **den Administratiounen vum Ministère:**

- Den Projet **LUCCS, deen d'Douanes-Formalitéiten weider digitaliséiert, gëtt 2022 weider matt ronn 11,5 Milliounen Euro ënnerstëtzt**. Dëst hëlleft ons weider am **E-Commerce international** vir bäi ze bleiwen.
- **10,5 Milliounen Euro sinn 2022 virgesinn fir den Informateschen System vun der Steierverwaltung** ze moderniséieren. Dëst ass, wéi ech dat virdrun schonn ugeschwat hunn, eng essentiell Investitioun déi eng vun den **wichtegsten Verwaltungen vun onsem Land op d'Zukunft virbereet an méi effikass opstellen wäert**.

An der Digitaliséierung kommen mir och nëmmen richteg weider, wann mir op der Sait **vun der Forschung an der Innovatioun ons déi richteg Moyennen ginn.**

Lëtzebuerg steet hei am europäeschen **Verglach schon gutt do**. **2020 woren mir matt 648 Euro pro Persounn daat Land an Europa wat am meeschten fir Forschung ausginn huet**.

D'Moyenen vum ***Fonds de l'innovation*** ginn wieder gestäerkt, fir och doduerch **d'Digitaliséierung weider unzedreiwen**. Hei sinn **132 Milliounen Euro fir 2022 virgesinn**. Iwwert dëse Wee bauen mir weider ons Kapazitéiten national mee och um **europäeschen Niveau an der Cloud aus.**

Dës Stäerkung vun den digitalen Infrastrukturen ass vun grousser Bedeitung fir déi rasant digital Entwecklung **vun onser Finanzplaz nach weider ze färderen.**

An deem Beraich sinn mir iwwert déi leschten 2 Jore **gutt Stéck weider komm**: trotz Pandemie ass d'Unzuel vun **Fintechen am LHoFT -** Luxembourg House of Financial Technology - **geklommen**. Haut sinn **84 Entrepisen** am LHoFT ënner Dach, dat ass en **Plus vun 12%** op een Joer. Fir dës Entwecklung weider ze dreiwen **wäert en Finnovation Hub zesummen matt der UNI.lu an dem LIST geschafen ginn**. **8,2 Milliounen Euro** iwwert déi nächst 10 Joer wärten mir dofir ausginn.

Schlussendlech gëtt mam Budget 2022 **och Presselandschaft an der digitaler Welt besser verankert.** Fir déi néi Pressehëllef, déi **den Accent op d'Pluralitéit bei den Online-Medien setzt**, sinn all Joer méi wéi **10 Milliounen Euro virgesinn**.

## II.F. D'Roll vu Lëtzebuerg an der Welt stäerken

*Schlussendlech wollt ech nach ee Punkt ervirhiewen, dee mir als fréieren Berufsdiplomat besonnesch um Häerze läit an zwar d'international Kooperatioun :*

**D'Europäesch Union** huet sech an der Pandemie an duerno an der Wirtschaftskrise **als Deel vun der Léisung erausgeschielt**. Europa ass méi solidaresch ginn an huet eng **decisiv Roll** gespillt beim Akaf vum Impfstoff. D'Kompetenz-Reegelen sinn adaptéiert ginn fir Hëllefen fir d'Salariéen an fir d'Entreprisen ze erméiglechen. De Stabilitéits- an Wuesstumspakt ass dunn fir d'Joren 2020, 2021 an 2022 ausser Kraft gesat ginn, vir de Staaten **déi néideg Flexibilitéit ze ginn**. Dës schnell Décisiounen illustréieren, dass sech d'EU an Krisenzäiten mobiliséieren kann, jo souguer **surpasséieren kann**. Dat ass eng gutt Noriicht fir Lëtzebuerg an eng exemplaresch Illustréierung vun dem geliefften Multilateralismus. Déi **additionnel finanziell Mëttelen**, déi Lëtzebuerg

dann och **künfteg an d'EU eranbezillt** sinn deemno **gutt investéiert Suen**.

De **Multilateralismus hunn ech och d'lescht Woch erëm eng Kéier op der OECD kënnen erliewen.** Hei ass och opgefall wéi d'USA erëm un den **Dësch vun der internationaler Kooperatioun erëmkomm sinn**. Doduerch huet och déi ministerielle OECD Réunion, wou Lëtzebuerg **d'Vizepresidenz hat**, och ganz konkret Resultater bruecht. Zum engen ass en Accord iwwert **d'international Fiskalitéit** zustanen komm fir eng méi gerecht Besteierung vun de Multinationalen an zum aneren ass eng Minimal effektiv Besteierung vun **15% fir d'Entreprisen ausgemaach ginn.**

An engems huet d'OECD sech positionéiert fir **Standarden an der nohalteger Finanz ze vergläichen an méi kohärent** ze maachen, ënnert anerem och fir **d'CO2 Bepräisung**.

Dës 2 Initiativen **wärten hëllefen fir d'Klimazieler ze erreechen**. Dat erlaabt Lëtzebuerg fir am Klimachallenge eng méi wichteg Roll ze spillen **als Standuert vun enger vun de gréngsten Finanzplazen vu Europa**. Och de Succès vun dem Luxembourg Green Exchange, deen méi wéi d'halschent vun den **sustainable Bonds an der Welt cotéiert**, dréit dozou bäi dat eist Land als **2. gréngste Finanzplaz an der EU klasséiert** ass.

Dëst alles weist awer och datt d’Präsenz vun Lëtzebuerg am **Ausland a seng international Engagementer esou wichteg sinn a musse weider gestäerkt ginn.** Genau dat wäerten mir **och mat dësem Budget maachen.**

Eise Réseau vun Ambassade wäert verstäerkt gi mam **Opmachen vun enger Ambassade zu Dublin**. Och wäerten ons Permanent Repräsentationen bei **internationalen Organisatiounen** wéi **der UNO an der NATO, wei och zu Paräis bei der OECD,** weider verstäerkt ginn.

Mam Budget 2022 wäert Lëtzebuerg seng **finanziell Engagementer an der Welt als zouverlässege Partner weider anhalen an souguer zum Deel verstäerken.** Sou ginn mam Budget 2022 weider **1% vum Land sengem *Revenu National Brut*** an **d’Kooperatioun an d’Entwecklung gestach**. Dëst bleift och fir déi nächsten Joren esou.

Beim Accueil **vu Leit déi alles hannert sech gelooss hunn fir e bessert a séchert Liewen fir sech an hir Famill ze garantéieren** gëtt dem ***Office National de l’Accueil*** sain Budget em knapp **9 Milliounen Euro eropgesaat.**

Och wärten notamment d’Contributiounen fir **d’NATO an an aaner Investissiounen an Défense-Projeten** (nei taktesch Ween, erheicht partizipatioun an dem Multi Role Tanker Transporter („MRTT“)) an den nächsten Joren eropgoen fir am Joer **2024, 0,72% vum PIB** ze erreechen.

Ons Armei setzt mam Konzept **„Green Defence“** emmer méi op energieeffizient Infrastrukturen an Ausrüstung. Doofir sinn déi néideg Mëttel virgesinn.

*Wéi gesinn dann elo virum Hannergrond vun dësen Prioritéiten, d‘Previsiounen fir d’Staatsfinanzen an den nächsten Méint an Joren aus.*

*Ech kommen also zu den Zuelen vum Budget 2022.*

## III. D’Zuelen vum Budget 2022

*Wéi gesinn d’Recetten an d’Dépensen fir d’Administration centrale aus, wéi sinn se verdeelt an wat bedeit dat alles ënnert dem Stréch?*

### III.A. Haaptagregater

*Ech maachen meng Presentatioun wéi ëmmer no de Regelen vun der europäescher Comptabilitéit, dem ”Systeme européen des comptes” (SEC), ier ech zu den Zuelen nom Lëtzebuerg Comptabilitéits-Gesetz vun 1999 kommen.*

Am Joer 2020 huet dës Kris mat sech bruecht **dass d’Dépensen enorm gestiigen sinn, an dat** wéinst den aussergewéinlechen Mesuren déi d’Regierung geholl huet. De **Confinement hat duerch déi partiell Schléissungen an der Wirtschaft, mee och duerch déi accordéiert Reporten vun de Steieren z.B., negativ Auswierkungen op d’Recetten**.

*Wéi gesäit et am Détail bei den Dépensen aus?*


i. Dépensen

De leschten Estimatiounen no, wäerten d'Dépensen vun der **Administration centrale** – dem Zentralstaat also – fir d'Joer 2020 bei ronn **22,1 Milliarden Euro** leien. Déi fir **2021 bei 22,7 Milliarden**.

An den **zwee Krisenjoren louch d'Croissance** bei den **Dépensen pro Joer an der Moyenne** bei **8,2%**. Zum Verglach louch déi Croissance iwwert d'Joren **2014-2019 an der Moyenne bei 4,7% pro Joer**.

Dat ass haaptsächlech op déi héich Investitiounen zeréckzeféieren, an **et ass net de Moment fir dës Dépensen ze kierzen**. Duerch déi **ambitiéis Investissements-Politik**, déi ech am viregten Kapitel erkläert hunn, wäerten **d'Dépensen 2022 am Ganzen weider klammen an op 23,5 Milliarden Euro eropgoen,** wat eng Hausse vun **+3,4% par rapport zu 2021 duerstellt,** wou se schonn duerch d'Kris **immens héich woren.**

*Aus wat bestinn dann d'Dépensen fir d'Joer 2022? (Grafik 6)*




Hei gesait een nach eemol ganz kloer unhand vun den Zuelen, **waat d'Prioritéiten vun der Regierung sinn.**

Fir all Euro deen d'Administration centrale ausgëtt, wäerten ronn:

- **47%, also bal d'Halschecht an d'Sozialleeschtungen, Subsiden a Subventiounen fléissen. Dëst ënnersträicht kloer déi sozial Ausriichtung**, déi sech wéi en Rouden Fuedem duerch de Budget zitt. Grad an Zäiten vun enger Kris ass et wichteg net op Austeritéit, **mä op Solidaritéit ze setzen**, an eise Sozialstaat weider ze stäerken an an d'Menschen vun dësem Land z'investéieren.
- Den zweetgréissten Posten sinn d'Remunératiounen, **mat 23,5%.** Mam Budget 2022 **ginn ronn 2.300 Posten beim Staat geschaf. De**

Staatsdengscht gëtt nach mei **effikass gemaach fir e gudde Service fir d' Bierger ze garantéieren**. Et dréit zu méi Sécherheet an eisem Land bäi, well **d'Rekrutementscampange bei der Police weider acceléréiert gëtt, an d'Schoulen kréien nach méi Ressourcen zur Verfügung gestallt.**

- Dann kommen **d'Investissementer mat ronn 13,5%**, vun den Dépensen op déi ech am Détail agaangen sinn.
- **8,6% vun den Dépensen wäerten an d'Frais de Fonctionnement fléissen**, also lafend Käschten wéi zum Beispill Loyeren an Entretien. Ee relativ klengen Deel vum Budget, an een Deel, deen iwwert déi nächste Joren **eng niddereg Progressioun opweist, well de Staat verantwortungsvoll mat de Steiergelder ëmgeet.**
- D'Transferten un d'Gemengen representéieren **7,2%** vun den Dépensen.
- **D'Zënsen op der Staatsschold maache manner wéi 0,5% aus**. Och dee Montant wäert iwwer déi nächste Joren éischter erofgoen, dank der **relativ nidddereger Schold** a well mer **auslafend Emprunten** zu méi nidderegen oder souguer negativen Zënsen kënnen refinanzéieren.

*Wéi gesäit et bei den Recetten aus?*

iv. Recetten

Am 2. Joer vun der Pandemie observéieren mir eng staark **Reprise vun den Recetten**. 2020 woren d'Recetten em **-1,9%** par rapport zu 2019 erofgaangen. Duerch déi staark Relance zu Lëtzebuerg gesäit een dann fir dëst Joer en Plus vun +**12,7%** an den Recetten am Verglach zu 2020.

Eng kloer Verbesserung also, déi beweist datt ons **Wirtschaft der Kris gutt Stand gehalen huet**.

Op 2 Joer gekuckt säit 2019, hunn mir dann eng Croissance vun **5,4% an der Moyenne pro Joer,** ähnlech also **wéi de Joren 2014-2019**.

Fir 2022 klammen d'Recetten weider **ëm +4,3% op 22,3 Milliarden Euro**. Dëst ass eng Progressioun, iwwert déi een sech freeën kann. (Grafik 7)

*Aus wat bestinn d'Recetten fir d'Joer 2022?*




Déi gréissten Recetten fir 2022 sinn, wéi gewinnt, **d'direkt Steieren**. 2022 ginn déi op ronn **10,1 Milliarden Euro geschat, also 45,6%** vun all den Recetten vun der **Administration centrale**.

Duerno kommen **d'indirekt Steieren**, mat **8,9 Milliarden Euro, déi 40,3%** vum gesamten Montant vun den Recetten entspriechen.

Besonneg bei der TVA gesinn mir eng staark Hausse, **well d'Leit nees konsomméieren an d'Vertrauen erem zréck ass.**

Mir gesinn awer och datt **d’Accisen um Petrole manner gutt lafen**. Dës Situatioun erkläert sech gréisstendeels duerch de bedeitende – a gewollte – **Réckgang am Brennstoffverkaf duerch d’Aféierung vun der CO2-Steier**. Ech soen **gewollt**, well dëse Réckgang dozou bäidréit datt **d'Regierung hir ambitiéis Klimaziler vu -55% vun den CO2-Emisssion bis 2030 erreecht**. Vir wéider ons Ziler ze erréchen, an wéi schons d’lescht Joer annoncéiert, wäert **d’CO2-Steier** och ab 2022 nach eemol 5 Euro pro Tonn mei deier ginn**, wat eng Erhéijung vun engem Cents pro Liter op der Pompel ausmëscht.**

De Rescht vun de Recetten sinn d’sozial Kotisatiounen, d‘Recetten vun den Etablissements Publics esou wéi och Loyeren an Dividenden.


*Nodeems ech elo op d’Recetten an d’Dépensen vun der Administration centrale agaangen sinn, stellt sech natierlech d’Fro wéi dat Ganzt ënnert dem Stréch ausgesäit, spréch de Solde.*

### III.B. Solde vun der Administration centrale

Här Präsident,

Dir Dammen an dir Häeren,

Dir erënnert Iech bestëmmt un **déi gesond Ausgangspositioun di mer an der Administration centrale haaten virun der Kris**. Souwuel 2018 wei och 2019, ass et der Regierung gelong de Kont am Equiliber ofzeschléissen! (Grafik 8)



D'Efforten an der Lutte géint d'Pandemie haten hire Präis. Dat gläichzäitegt Ausfaalen vun engem Deel vun de Recetten, hunn mat sech **bruecht dass 2020 mat engem ganz héijen Defizit vu bal -3,2 Milliarden Euro ofgeschloss ginn ass.**

Dat wor en aussergewéinlechen Defizit fir eng **aussergewéinlech Situatioun !**

Am Joer 2021 verbessert sech den Trend:

Mat **-1,4 Milliarden Euro, gëtt den Defizit méi wéi halbéiert**.

**2022 wäert den Defizit** weider erofgoe, op -**1,2 Milliarden Euro**. Den Trend wäert och esou virugoen.

Ech weess, dass eenzelner lo soe wäerten, dass den Defizit net séier **genuch erof geet**, an dass een, wann een aus der Kris eraus ass, keen Defizit méi sollt hunn.

Ech soen iech awer : **komm mir verwiesselen hei net Ursaach a Wierkung !**

Wa mer elo sou séier aus der Kris erauskommen, dann ass et eben grad, **well de Staat d'Investissementer héich hält an d'Steieren nët an d'Luucht setzt.**

Dat ass och **d'Lektioun vun 2008**, an d'Rekommandatioun vun allen internationalen Organisatiounen: **et gëllt elo d'Investissementer héich ze halen**. Nëmmen esou **kënnt een nohalteg aus der Kris eraus**.

Et ass nët fir näischt, dass d'Europäesch Kommissioun an hire Recommandatioun am Kader vum ***Semestre européen*** Lëtzebuerg folgendes réit :

> *"en 2022, de suivre une orientation budgétaire propre à soutenir l'activité économique ...* ***et de préserver les investissements financés au niveau national****"*

Den Defizit **zevill séier rëm wëllen op 0 ze bréngen**, sief et duerch Kierzen bei den Dépensen oder erhéichen vun de Recetten, géif **d'Relance just ofwiergen** an der ***Kompetitivitéit vun onsem Land schueden!***

*Wéi gesäit dann elo d'Bild bei der Administration publique aus, also beim Zesummenspill vun der Administration centrale, den Gemengen an der Sécurité Sociale ?*

### III.C. Solde vun der Administration publique

i. Administrations locales / Gemengen

Wann een sech den Solde vun den Gemengen ukuckt, déi an den leschten Joren ëmmer en raisonnabelt positiivt Resultat ugewisen hunn, da gesäit een dass **d'Kris och si net verschount huet**.

2019 hate mer hei nach een Iwwerschoss vun + **299 Milliounen Euro**. Mam Impakt vun der Kris louch deen 2020 bei +**42 Milliounen Euro**, wat e manner schlëmmt Resultat wei Verschiddener gefaart hunn.

Bei de Gemengen gesinn mir 2021 och eng positiv Tendenz and **2022 wäert de Solde bei erëm ronn +234 Milliounen Euro** leien.

**ii.** Sécurité Sociale

De Solde vun der Sécurité Sociale ass virgesinn fir weiderhin am positiven Beräich ze bleiwen, wann och reduzéiert zur Vergaangenheet wou mer hei meeschtens iwwert **1 Milliard Euro louchen**.

2019 hat **d'Sécurité Sociale nämlech en Surplus vun +1,2 Milliarden Euro**. 2020 ass deen op **880 Milliounen Euro** gefall. **2021 wäert en dann bei 785 Milliounen Euro leien**, duerch de weideren Impakt vun der Kris.

Fir 2022, wäert den Solde vun der Sécurité Sociale op +853 Milliounen Euro klammen, also +1,2% vum PIB.

Dës Evolutioun ass och weider op déi **héich Transferten vum Staat fir d'Sozialversécherung zeréckzeféieren** z.B. an d'Pensiounskeess an, an d'Krankenkeess. Dës klammen em **301 Milliounen Euro oder 7,8%** par rapport zum Budget 2021. **Dëst ass wat en funktionéierend Sozialstaat kascht!**

iii. Administration publique

Bei der Administration publique - wann een also d'Secteuren zesummen hellt - sinn **d'Zuelen fir 2020 an 2021 deementspriechend bedeitend besser wéi d'Previsiounen vum leschten Joer**.

D'lescht Joer woren mir fir 2020 vun engem Defizit vun -**4,4 Milliarden Euro ausgaangen**; 2021 dann vun engem Defizit vun **-1,8 Milliarden Euro.** (Grafik 9)




Haut gesäit een dass d'Administration publique 2020 mat engem **Minus vun -2,3 Milliarden Euro, respektiv -3,5%** vum PIB ofgeschloss huet, also knapp iwwert dem Maastricht Seuil.

Fir 2021 rechne mer mat engem Defizit vun nëmmen nach **-416 Milliounen Euro an der Administration publique**, daat entsprécht -0,6% vum PIB.

Am Budget 2022 rechne mer mat engem liicht negative Solde vun -**143 Milliounen Euro oder -0,2% vum PIB**.

Domat erreecht des Regierung **schonn 2 Joer no enger vun de gréissten Krisen déi onst Land jee kannt huet** quasi den Equiliber an de Staatsfinanzen – an dat **ouni Austéritéitspolitik**!

Dëst ass en weideren Beweis dofir dass des Koalitioun zënter 2013 **d'Sachen richteg ugepack** huet: mat deene sëllege Reformen, di net ëmmer all Mensch geschmaacht hunn, sinn **d'Economie an d'Staatsfinanzen vun dësem Land nohalteg sanéiert ginn** an et ass net fir näischt **datt d'Land den Triple A** ëmmer erëm certifiéiert kritt.

*Wéi gesäit et mat den Europäeschen Obligatiounen aus?*

Dir wësst dass am Kader vun der Kris d'Kommissioun décidéiert huet, de Stabilitéitspakt duerch di sougenannten "*General escape clause*" a Klammeren ze setzen.

Des Klausel ass nach emol fir den Exercice **2022 verlängert ginn**. Mat grousser Wahrscheinlechkeet wäert se Enn 2022 auslafen an domadder géifen di europäesch Regelen vum Stabilitéitspakt 2023 sech nees applizéieren.

Obschonn mer eis also net mussen un dës Regelen halen, ass Lëtzebuerg **eent vun de rare Länner wat schonn 2021 nees d'3% Regel** anhält.

Ab 2022 hält Lëtzebuerg souguer nees d’Reegel vum sougenannten **“*objectif à moyen terme*” oder OMT an**, an domadden eben all d’Regeln vum Stabilitéitspak.

**E weidere Beweis datt ons Staatsfinanzen ganz an der Rei sinn an mir am internationalen Verglach ganz gutt do stinn!**

## IV. De Budget laut dem Comptabilitéits-Gesetz

*Nodeems ech d’Zuelen vum Budget no den europäeschen Normen vum SEC 2010 presentéiert hunn, wëll ech nach kuerz op d’Zuelen vum Staatsbudget laut de Reegelen vum Comptabilitéits-Gesetz vun 99 agoen. Esou wéi se am Text vum projet de loi festgehale ginn.*

Ähnlech wéi op der europäescher Opstellung, weisen d’Zuelen hei eng gewëssen Normaliséierung.

Fir 2022 leien d’Recetten bei **19,5 Milliarden Euro**, dat sinn +15,6% par rapport zum Joer 2021.

Bei den Dépensen sinn et **20,9 Milliarden Euro. also +8,5**% méi wéi dëst Joer.

Zesummegeholl wäert den Defizit am Staatsbudget – laut de Reegelen vum 99er Comptabilitéits-Gesetz bei knapp **-1,5 Milliarden Euro leien.**


*Ech géing dann elo iwwergoen zum leschten Kapitel vu menger Ried, der Staatsschold.*

## V. Staatsschold

Et wier ee Feeler kuerzfristeg zevill Wäert op **d'Scholdenentwécklung an net genuch op d'Wuestumsperspektive** ze setzen.


**Austeritéitspolitik ass en Holzwee**, deen onst Land mä och onsen ganzen Kontinent op **laang Zäit schwächen géif**.

De Previsiounen no, déi ech haut hei presentéieren halen mir iwwert déi nächsten Joer dat **éiergäizegt Ziel fir ënnert 30% vum PIB ze bleiwen zu all Moment an**, trotz héijem Defizit 2020 an der Administration centrale, an den Ausleefer vun der Kris. (Grafik 10)




Laut de Prognosen vum Budget, soll d'lëtzebuerger Dette publique Enn **2022 bei 26,6% vum PIB leien**, di Joeren drop ëmmer nees liicht ronderëm **27% fluktuéieren an domat ënner 30%.**

Lëtzebuerg ass gläichzäiteg dat Land an der Eurozone, wou **d'Schold während de Krisejoren** 2020 an 2021 am mannsten geklommen ass, an zwar em **"nëmmen" 3,5 Prozent-Punkten**. (Grafik 11)




Iwwert di ganz Period **2022 bis 2025** géifen - laut de mechaneschen Schätzung - **4,1 Milliarden Euro nei Scholden opgeholl ginn.** Gläichzäiteg gesäit de Budget pluriannuel insgesamt **13,9 Milliarden Euro un Investissementer vir iwwert di selwecht Period**. Nëmmen 30% géifen also mat Friemkapital finanzéiert ginn an déi **bleiwend 70% ginn integral iwwert d'lafend Recetten gedeckt**.

Dëst ass dee **richtege Wee fir weider an den Wuesstem an d'Innovation ze investéieren zu Lëtzebuerg.**

Et ass eng staark Wirtschaft mat engem staarken Wuesstem déi ons hëllefen wäert **d'Staatsschold am Grëff ze behalen**. Dank sengem **AAA an dem aktuellen Zensëmfeld** kann onst Land vun excellente Konditiounen vum Marché profitéieren, a sech also **ganz bëlleg refinanzéieren.**

**Conclusioun**

Här President,

Léiw Kollegen,

Déi wirtschaftlech an budgetär Perspektiven fir **2022 si wäit besser wéi déi vun de Jore virdrun**. Domatten ass den Bléck erëm fräi.

Besser heescht awer nach **net gutt**. Den Defizit geet progressiv erof, mä en gëtt eis nach net de Sputt fir Steiererliichterung. Ëmgedréint ass et awer och esou, dass d'Entwécklung vun de **Recetten erëm op engem Niveau ukomm ass, deen mécht, dass Steiererhéijungen absolut net néideg sinn**. An dat ëmsou méi, dass se riskéiere géifen, déi aktuell Dynamik **erëm ofzewiergen**.

Onst Land ass besser a méi séier duerch d'Kris komm wéi déi meescht aner Länner an der EU. Matt **-1,8% negativem Wirtschaftswuesstem** am Krisenjoer 2020 an **engem Opschwong vun 6%** 2021 huet et seng Resilienz kloer ënner Beweis gestallt.

Mir gesinn Haut d'Enn vum Tunnel, **a musse lo sécherstellen, dass d'Lokomotiv net u Vitesse verléiert.** Dat maache mer andeems mer **d'Investissementer weider op engem Rekord-Niveau halen.**

Den Amerikaneschen Präsident John F. Kennedy huet et schonn gesot: “**The best time to *repair the roof* is *when the sun is shining*”.** Elo, wou mer hannert de Wolleken erem de bloen Himmel gesinn, ass de **Moment fir sech de groussen Erausfuerderungen vun eiser Zäit ze stellen**. De Moment fir eist **soziaalt Netz ze stäerken**, **d'Digitalisatioun ze acceleréieren**, an d'Erausfuederungen **vum Klimawandel unzepaken**.

Mam Budget 2022 ginn **dofir déi néideg Weiche gestallt**.

Ech soen iech Merci.